8. 6198 - Projet de loi portant approbation du Protocole modifiant le Protocole sur les dispositions transitoires annexé au Traité sur l'Union européenne, au Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne et au Traité instituant la Communauté Européenne de l'Énergie Atomique, fait à Bruxelles, le 23 juin 2010

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Ben Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Här President, bei dësem Projet handelt et sech ëm Iwwergangsbestëmmunge fir d'Zesummesetzung vum Europaparlament während der Mandatur 2009 bis 2014. D'Zesummesetzung vum Europaparlament ass säit jeehier en Objet vu politescher Ausenanersetzung an Europa gewiescht. Déi grouss Länner hu fonnt, si hätten ze wéineg Deputéierter am Verhältnis zu der Bevölkerungszuel, an déi kleng hu gefaart, hir Deputéiertenzuel géif hinnen net erlaben, sech an deem groussen Europaparlament politesch ze artikuléieren.

E puer Zuele beleeën dee Problem: Bei enger Bevölkerung vun 82 Millioune Leit huet Däitschland 99 Sëtz bis elo gehat, dat ass also ee Sëtz fir 832.000 Awunner. Wann et der dräi manner kritt, wéi et am Traité vu Lissabon virgesinn ass, geet déi Zuel op 858.000 erop. Frankräich hat bis elo ee Sëtz op 873.000 Awunner. Wann et der, wéi den Traité vu Lissabon virgesäit, zwee méi kritt, geet dee Ratio op 849.811 erof.

Lëtzebuerg huet fir eng Bevölkerung vun enger hallwer Millioun sechs Sëtz. Dat waren no de Bevölkerungszuele vun 2006 76.667 Awunner fir ee Sëtz. Och wann déi Awunnerzuel eropgeet, bleiwe mer nach wäit ewech vu siwe Sëtz, déi Slowenien mat zwou Milliounen Awunner zegutt huet. Haut kann ee soen, dass déi Ausenanersetzung sech berouegt huet.

D'Europaparlament selwer huet dobäi eng wichteg Roll gespillt. Et huet an engem Bericht vun den Häre Lamassoure a Severin vum Oktober 2007 d'Notioun vun der degressiver Proportionalitéit agefouert, déi och am Traité vun der Europäescher Unioun am Artikel 14 festgehale gouf.

Derniewent ass e Plaffong vu 96 Sëtz fir dat bevölkerungsräichst Land - haut ass dat Däitschland - festgehale ginn, an en ënneschte Seuil vu sechs fir déi véier klengste Memberlänner, ënner anerem also och fir Lëtzebuerg.

Schliesslech ass e Plaffong vu 750 Membere festgeluecht ginn, fir dass d'Europaparlament net ze grouss gëtt an also net méi funktiounsfäeg ass. Déi Zuel ass schliesslech am Endspurt iwwert den Traité vu Lissabon op 751 festgeluecht ginn. Dat heescht 750 plus de President. An der Deklaratioun N°5 gouf dee Sëtz Italien zouerkannt.

Bei zukünftegen Erweiderunge bleift dëse Plaffong bestoen, kann awer zäitweileg iwwerschratt ginn, wann dann e Memberland während enger Mandatur nei bäitrëtt. Wat zum Beispill dës Kéier geschéie kéint, wa Kroatien an dëser Zäit bis 2014 géif bäitrieden.

D'Europaparlament vun 2009 bis 2014 hätt no de Bestëmmungen, déi ech virdrun duergeluecht hunn, kënne gewielt ginn, wann den Traité vu Lissabon net am Laf vun der Ratifikatioun duerch Irland Retard krut hätt an eréischt den 1. Dezember 2009 a Kraaft getratt wär. Ze spéit also fir d'Wahle vum Juni 2009. Sou dass déi Wahlen also no de Bestëmmunge vum Traité vun Nice ofgehale goufen, fir 736 Sëtz ze bestëmmen, an net 751.

Et gouf dunn décidéiert, Iwwergangsbestëmmunge fir d'Zesummesetzung vum Europaparlament festzeleeën. D'Ursaach war, d'Vertriedung vun deene Länner, déi méi Deputéierten zegutt gehat hätten, wann den Traité vu Lissabon bei de Wahle vum 9. Juni 2009 a Kraaft gewiescht wär, ze erhéijen. De Conseil huet den 11. an 12. Dezember 2008 eng Deklaratioun ugeholl, fir d'Gesamtzuel vun de Mandater am Europaparlament zwëschent 2009 an 2014 op 751 ze erhéijen. D'Zil war et, dës Augmentatioun am Laf vun 2010 ofzeschléissen.

Zu dësem Zweck gouf den 23. Juli 2010 e Protokoll ënnerzeechent, zu deem de Conseil européen am Juni 2010 en Accord politique fonnt huet an d'Europaparlament de 6. Mee 2010 eng zoustëmmend Resolutioun ugeholl huet.

Dëse Protokoll ass eng Ëmännerung vum Protokoll 36 sur les dispositions transitoires. Dee Protokoll soll an der Laf vun der Period vun 2009 bis 2014 18 weider Sëtzer u verschidde Memberlänner verdeelen, déi déi duerch de Prinzip vun der degressiver Proportionalitéit respektiv duerch den ënneschte Seuil, deen op sechs eropgehuewe gouf, zegutt hunn.

Et sinn dat:

Bulgarien: 1 Sëtz

Spuenien: 4 Sëtz

Frankräich: 2

Italien: 1

Lettland: 1

Malta: 1

Holland: 1

Éisträich: 2

Polen: 1

Slowenien: 1

Schweden: 2

Groussbritannien: 1.

Dat ginn also: 736 plus 18 ass 754. Also dräi méi wéi déi 751, déi am Traité festgeluecht sinn, wat doduerch ze erklären ass, dass Däitschland seng 99 Sëtz bis 2014 behält an duerno eréischt op 96 zréckgeet. Déi dräi Sëtz kommen also an der Iwwergangsphas derbäi, verschwannen dann no de Wahle vun 2014.

Am Protokoll gëtt och festgehalen, dass d'Länner déi zousätzlech Sëtzer fir dës Mandatur duerch Direktwahlen oder par référence op d'Resultater vun de Wahle vun 2009 oder duerch eng indirekt Benennung vun Deputéierten duerch d'Nationalparlament kënne bezeechnen. D'Konditioun muss an alle Fäll sinn, dass et gewielte Vertrieder sinn.

Da seet den neien Text och nach, dass de Conseil européen mat Zäit virun den Europawahle vun 2014 d'Zesummesetzung vum Europaparlament entspriechend dem Artikel 14 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun festleeë muss.

Här President, dëse Protokoll bréngt keng Ännerung a keng nei Obligatioun respektiv Dévolution de souveraineté fir Lëtzebuerg mat sech. Duerfir hat de Statsrot gemengt, mir kéinten d'Gesetz mat enger einfacher Majoritéit stëmmen. No Réck-sprooch mam Generalsekretär vun der Chamber hu mer gemengt, et wär virsiichteg, eng Ofstëmmung nom Artikel 114 vun der Verfassung hei virzehuelen.

Här President, dat ass also d'Presentatioun vun deem Rapport, deen ech ze maachen hunn. Ech wollt och dann zum Schluss den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Als nächst an eenzeg Riednerin ass d'Madame Polfer agedroen. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

Discussion générale

Mme Lydie Polfer *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Fayot Merci, fir versicht ze hunn, op eng relativ iwwersiichtlech Aart a Weis dat erëmzeginn, wat an deem Protokoll hei virgesinn ass. Ech sinn och bal mat allem d'accord. Just mat eppes net, well et einfach der Wourecht net entsprécht.

Wa fir Lëtzebuerg nämlech an dësem Protokoll sech näischt ännert, dat heescht, wa mer eis sechs Deputéierte behalen, da verdanke mer dat net dem Europaparlament. Da verdanke mer dat ganz eenzeg an eleng de Conférence-intergouvernementalen, déi herno eng éischte Kéier zu Nice dat do am Traité festgehalen hunn, duerno am Traité constitutionnel, deen herno jo de Lissabon-Traité ginn ass, an do stinn eben zwou Saache fest: éischtens de Minimum, dee muss sechs sinn, an eben de Maximum vu 96.

Den Här Schmit war derbäi, wéi mer déi éischte Kéier eis schrecklech hu missen asetzen, fir déi, jo, fir déi sechs ze halen. Firwat déi sechs? Firwat war et dës Kéier, firwat war et zu Nice esou komplizéiert? Mä well bis dohinner all Kéiers, wann d'Europäesch Unioun sech vergréissert huet, einfach Sëtz derbäikomm sinn. Erënnere mer eis, mir hunn `52 ugefaange mat enger Assemblée commune vun 142 Memberen. A vun deenen 142 ware schonn déi Kéier sechs Lëtzebuerger. Duerno sinn déi successiv Élargissementer komm, a mir sinn du bis 2004, bis zu deem ganz groussen Élargissement, ware mer zu 626 am Europaparlament. Dat heescht, déi aner kruten der ëmmer bäi, a mir si bei eise sechs bliwwen.

An dunn, wéi mer dee ganz groussen Élargissement sollte virbereeden, an dorëm ass et jo zu Nice gaangen, dunn ass et drëm hiergaangen, fir ofzebauen. An natierlech wollte se dunn och ons ewechhuelen. Mä mir hunn ons geschloen. Mir hate virun allem, an dat muss een, wëll ech awer och nach eng Kéier ënnersträichen: Mir hate gutt Frënn. Mir haten déi Zäit nach gutt Frënn. Mir haten déi Zäit nach gutt Frënn, déi eis bäigestoen hunn an déi ons gehollef hunn,…

(Interruption)

…zu Nice eben de Minimum vu sechs anzeschreiwen.

An dunn, erlaabt mer, dat awer och nach ze soen, du koum jo déi berühmte Konventioun, déi dem Här Fayot gutt bekannt ass. Hie war dran an nach eng Rei anerer. Do war vum Här Giscard d'Estaing virgeschloe ginn, an engem éischten Text, datt mer sollten op véier erofgoen. An du war versicht ginn, ons ze amadouéiere mat fënnef. Mir hunn ons och dunn net ginn. An den Traité constitutionnel ass ugeholl gi mat sechs als Minimum, dat drastoe komm ass. An dunn ass aus dem Traité constitutionnel dat ginn, wat mer wëssen, den Traité vu Lissabon, an do stoung a sinn eben déi sechs Minimum festgehale ginn.

An duerno huet - an dat ass dat, wou den Här Fayot drop ugeschwat huet - den Här Lamassoure am Europaparlament 2007 eben d'Propositioune gemaach, wéi een dann déi - déi Zäit hu mer nach vu 750 geschwat an net vun 751, mä wéi een déi eben an der degressiver Proportionalitéit soll verdeelen. Mä wéi gesot, déi sechs, déi hate mir virdrun. Well gleeft mer, wann d'Europaparlament eis se hätt misse ginn, dann hätte mer se net kritt. Well, fir laang genuch derbäi gewiescht ze sinn, weess ech, wéi vill mer do jalouséiert ginn, fir déi sechs ze halen. Duerfir, dat hei ass elo eben dann d'Mise en musique vun dem Traité vu Lissabon, fir dann no 2014, mä fir eben elo scho kënne fir déi, déi méi Sëtz am Traité vu Lissabon kruten, wéi zu Nice virgesi waren, fir deenen déi Sëtz ze ginn. Plus dann eben déi dräi, op déi Däitschland à ce stade net wëllt verzichten.

Wéi gesot, et gesäit een, ech erënneren nëmmen nach eng Kéier drun, wéi schwéier et ass, Texter auszeaarbechten an, wa se da bis do sinn, se och nach en musique ëmzesetzen. Dat hei ass e gutt Beispill dofir.

Mir ginn - ons Fraktioun gëtt natierlech hiren Accord zu dësem Protokoll. Mä nach eng Kéier, ech hoffen, datt mer net méi mussen iwwert déi do Zuele schwätzen, well se stinn elo als Minimum fest. A Malta kann ons dankbar sinn, well Malta hat der bis elo jo nëmme fënnef, an duerch dëse Protokoll kritt Malta een derbäi, an dat eenzeg an eleng, well mir drop gehalen hunn, datt sechs als de Minimum drastoe géif. Si wollten der fënnef huelen a si hunn eis souguer en catimini versprach: „Kommt, mer schreiwe fënnef als Minimum dran, an da kritt Dir awer Är sechs." Och domat ware mer net d'accord, duerfir stinn elo sechs als Minimum dran…

Une voix.- Très bien!

Mme Lydie Polfer *(DP).-* Ech sinn doriwwer ganz frou, an dee Protokoll hei…

(Interruptions)

…wäert dat hei och elo eben esou ausféieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Polfer. Ech mengen, duerno wär alles zum Projet de loi gesot, ausser den Här Minister Schmit wëllt a Vertriedung vum Aussenminister...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.-* Ech soe just dem Här Fayot Merci fir säi Rapport. An déi Remarque complémentaire vun der Madame Polfer, ech mengen, soss hunn ech näischt dozou ze soen.

M. le Président.- Merci dann och nach dem Minister Nicolas Schmit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt mer eng Majoritéit vun zwee Drëttel brauchen an de Vote par procuration net erlaabt ass. D'Ofstëmme fänkt un.

Une voix.- Hei steet „Érnergie atomique" op eisem Schierm.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Jo, dat ass richteg, do steet dat.

(Brouhaha général et hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP).-* „Érnergie"!

Une voix.- De Computer ass geckeg…

M. le Président.- Jo, et huet iergendwéi eppes de Computer duerjerneebruecht. Mir stëmmen awer elo of iwwert…

(Interruption)

…den 6198, och...

Une voix.- Et ass bestëmmt WikiLeaks, déi hei erakommen.

(Interruptions)

M. le Président.- Sou, also mir wëssen, iwwer wat mer ofstëmmen, nämlech de Projet de loi 6198.

Den Vote ass ofgeschloss, an de Projet de loi ass ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Lucien Clement, Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Lucien Thiel, Robert Weber, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer elo zu deem Projet, wou verschidde Kolleege sech jo schonn drop freeën ze schéngen, dat ass de Projet de loi 6186 iwwert d'Amendementer zu der Konventioun iwwert de Schutz vum nordöstlechen Atlantik. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hunn sech schonn ageschriwwen: déi Häre Berger, Scheuer, Gira an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.